

# Mécanique d'automobiles

## 2 Ausbildungen

- **Kfz-Mechatroniker DAP** (3 Joer an der Schoul an am Betrieb)
- **Techniker an der Kfz-Mechanik DT** (4 Joer an der Schoul mat 4 Stagen am Betrieb)

## Kompetenzen vum Autosmann:

### Technik verstoen:

Mechanik, Gefill fir Technik  
Elektronik  
Hydraulik  
Physik

### Gudd a präzis schaffen:

montéieren  
ajustéieren  
kontrolléieren  
Fehler erkennen  
propper schaffen

### Mat aner Leit kennen emgoen:

Kollegen a Chef  
Client'en  
sech präzis ausdrecken  
och dem Client kennen eppes erklären

### Reponsabilitéit iwwerhuelen:

fir de Betrieb  
fir den Auto vum Client

## Kfz-Mechatroniker DAP

**Accès:** 9e TE  
9e PO  
9e PR mat enger Note an der Mathé  $\geq 38$

**Formatioun iwwert 3 Joer:**

|                       |  |
|-----------------------|--|
| <b>10e:</b>           | <b>2 Deeg</b> an der Woch beim Patron<br><b>3 Deeg</b> an der Woch an der Schoul |
| <b>11e &amp; 12e:</b> | <b>3 Deeg</b> an der Woch beim Patron<br><b>2 Deeg</b> an der Woch an der Schoul |

**Schaffplatz noutwendeg virum Aschreiwen op dës Klass!!**

Prinzip vun der neier Ausbildungsform:

- **Fächer** ginn ersat duerch **Bausteine**
- D'Bausteine bestinn aus verschidde **Moduler** (déi normalerweis iwwert 1 Semester ginn.)
- D'Moduler kenne ganz praktësch sinn (zB. beim Patron oder am Schoulgarage), kenne ganz theoretësch sinn, oder praktësch an theoretësch sinn.
- E Baustein ass gepackt wann all d'Moduler dervun all gepackt sinn.
- Moduler kenne widerholl ginn.

Exame ginn ersat duerch 2 Projet'en:

- **Projet intégré intermédiaire** PII (am 3. Semester)
- **Projet intégré final** PIF (am 6. Semester)

De Schüler soll hei jeweils u konkreten Aufgabe beweisen, dass hien seng Kompetenzen erreicht huet.

E Schüler deen all seng Bausteine a seng Projet'en huet, kritt den **Diplôme d'Aptitude Professionnelle** DAP.

- Duerno direkt Cours'e fir d'Meeschteprüfung méiglech.

# Techniker an der Kfz-Mechatronik DT

**Accès:** 9e TE  
9e PO mat enger Note an der Mathé  $\geq 38$

- Formatioun **iwwert 4 Joer:** 10e bis 13e ganz an der Schoul.
- All Joer Stage an engem Betrieb vu jeweils 4 Wochen.

Prinzip vun der neier Ausbildungsform:

- **Fächer** ginn ersat duerch **Bausteine**
- D'Bausteine bestinn aus verschidde **Moduler** (déi normalerweis iwwert 1 Semester ginn.)
- D'Moduler kenne ganz praktesch sinn (zB. Stage oder am Schoulgarage), kenne ganz theoretesch sinn, oder praktesch an theoretesch sinn.
- E Baustein ass gepackt wann all d'Moduler dervun all gepackt sinn.
- Moduler kenne widerholl ginn.

Exame ginn ersat duerch 2 Projet'en:

- **Projet intégré intermédiaire** PII (am 4. Semester)
- **Projet intégré final** PIF (am 8. Semester)

De Schüler soll hei jeweils u konkreten Aufgabe beweisen, dass hien seng Kompetenzen erreicht huet.

E Schüler deen all seng Bausteine an seng Projet'en huet, kritt den **Diplôme de Technicien DT**.

- Duerno direkt Cours'e fir d'Meeschteprüfung méiglech.
- Accès op eng Fachhéichschoul wann Mathe-Zousatzmoduler gemaach gi sinn.

Wie bidd d'Formatiounen unn:

**LBV um Belval:**

**DAP an DT**



**LTC an der Staat:**

**DAP an DT**



**LTETT zu Ettelbreck:**

**DAP**

